

**Mme Octavie Modert (CSV) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Mosar. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP) |** Merci, Här President. Merci och dem André Bauler fir säi Rapport, dee méi wéi komplett war. Ech kann den Accord vun der LSAP bréngen.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Cruchten. An dann ass et un där honorabler Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng) |** Merci, Här President. Ech maachen et nach méi kuerz: E grouse Merci dem Här Bauler an den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm Lorsché. An dann ass et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) |** Jo, villmools merci, Här President. An och e grouse Merci un den Här Bauler fir säi Rapport. Ech mengen, mir hunn hei natierlech eppes, wat mir begräissen, d'Lutte géint Fraude, dat ass eng gutt Saach. Op där anerer Säit hu mer och erëm eng zousätzlech Datebank. An och do kann ee sech Froe stellen. Wann ee gesäit, mat wéi enger Sensibilitéit mer hei am Parlament esou Froen diskutéieren, musse mer elo feststellen: Et ass erëm eng nei.

An et sinn ... Vlächet awer eng Bemierkung zu deenen Iwwerweisungen, déi iwwert d'Grenzerausginn. Et kommen elo ëmmer méi där Rapporten, datt et och schwéier ass, am Ausland Boergeld opzehiewe vu Bancomaten zum Beispill. An dat ass eng Entwécklung, déi mir och wëllen am A behalen, well et kann elo net sinn, datt ënner verschiddenen Argumenter, déi alleguer hir Justifikatioun hu fir eng besser Kontroll vun den Zalungsbewegungen iwwert d'Grenz ewech, mer herno an eng Situatioun kommen, wou dat sech entwéckelt an eng Situatioun, datt den Ëmgang mat Boergeld iergendwéi géif ageschränkt ginn. An ech mengen, dat ass einfach eng Saach, déi mer hei wëllen awer mentionéieren, well mer wëllen, datt dorobber opgepasst gëtt. Boergeld ass e Stéck Fräiheet. A bei aller Léift fir eeben d'Lutte contre la fraude d'äerf et sech net an eng Richtung entwéckelen, datt do eis Fräiheet géif ageschränkt ginn.

Dat gesot, stëmme mir dat hei mat. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Kartheiser. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten) |** Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur André Bauler fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport, dee wéi ëmmer ganz edukativ ass. Et gouf hei ... Vlächet just, ech kann Iech soen, mir ginn eisen Accord.

Ech wollt awer just vlächet nach d'Iddi vun der Chambre de Commerce opgräifen, déi gesot huet oder gefrot huet, datt d'Verwaltung hei géif eng Frequently-Asked-Questions-Datebank opbauen, also eng Säit oder eng Broschür, wou déi heefegste Froen repertoriéiert gi mat den Äntwerten. Ech mengen, wann esou eng Demande schonn aus dem Secteur kënnt, da sollt een där roueg nogoen. Dat géif dat Ganzt, mengen ech, nieft dem Rapport vum André Bauler dann och fir de Secteur nach eng Keier méi verständlech maachen.

An dat gesot, ginn ech eisen Accord. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministersch Yuriko Backes.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances |** Här President, Dir Dammen an Dir Härren Deputéiert, e schéine gudden Moien a vu menger Säit och e grouse Merci un de Rapporteur André Bauler fir säin exzellente schrëftlechen an och mëndlechen Rapport. D'Bekämpfung vu Steuerbedruch ass effektiv essentiel fir éierlech Bierger a Geschäftsleit, mee och, fir Budgetsrecetten ze protegéieren. Wéi de Rapporteur ganz gutt erkläert huet, ass de But vun dëser Direktiv, fir géint den TVA-Bedruch an der EU virzegoen, an dat duerch d'Sammelen eebe vun Daten iwwer grenzüberschreidenden Paementer.

Ech wëll hei ënnersträichen, dass de Secteur an den Aarbechten, fir de Projet de loi auszuschaffen, och implizéiert war. Et ass ganz fréi schonn en Aarbechtsgrupp d'lescht Joer kreéiert ginn, wou den Enregistrement, de Finanzministère, d'ABBL an déi verschidden Acteuren effektiv zesummegeuerft gi sinn, eng Serie vu Reunionen hu stattfonnt, déi lescht elo nach leschte Mount am Juni. Den Enregistrement, d'AED, setzt och all déi wichteg Informatiounen an och déi relevant Linken op hiren Internetsite. Si huet och eng speziell E-Mail-Adress en place gesat, wou Payment Service Providers och direkt kënne hir Froe stellen, déi dann och beäntwert ginn, wou hei effektiv e permanente Kontakt mam Secteur ass, wat fir mech och ganz wichteg ass. An dofir wëll ech och dem Direkter vun der Verwaltung a senge Mataarbechter e grouse Merci soen, dass hei op all déi pertinent Froen och kann en temps utile an am permanenten Echange géintwert ginn.

D'Resultater vun der Exploitation vun den Donnéeën aus dëser neier europäescher Datebank, wéi de Rapporteur erkläert huet, dëser CESOP, zesumme mat den nationale Risikoanalyse wäerten dann an Zukunft derzou bäidroen, dass d'TVA-Fraude an Europa besser bekämpft ka ginn. Wéi gesot, eng besser Bekämpfung vum Steuerbedruch valoriséiert nach eng Keier déi éierlech Bierger an déi éierlech Geschäftsleit a bréngt eis in fine dann och méi Recetten an eise Staatsbudget.

Et bleift mir da just nach, Iech Merci ze soen, och fir déi exzellente Zesummenaarbecht an och fir déi grouss Zoustëmmung zu dëser Transposition vun enger wichtiger EU-Direktiv. Villmools merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools der Madamm Finanzministersch Yuriko Backes. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8207. Den Text steet am Document parlementaire 8207<sup>e</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8207 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmme ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Cécile Hemmen), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Marque et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis ;*

*M. Roy Reding.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 4. 8160 – Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume-Uni de Grande Bretagne et d'Irlande du Nord pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Londres, le 7 juin 2022

Deen nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 8160, eng Konvention mat England an Nordirland, déi souwuel d'Duebelbesteuerung wéi och d'Steuerflucht an d'Steierhannerzierung soll verhënnere. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

**M. Guy Arendt (DP), rapporteur |** Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Minister. E wichtige Bestanddeel, fir d'Attraktivitéit vum Grand-Duché ze erhalen an och ze stäerken, ass eeben och eis Finanzplaz. Eng gutt funktionéierend Finanzplaz brauch eng Finanzpolitik, déi op der Héicht ass, eng Finanzpolitik, déi sécherstellt, dass verschidden Acteuren onkomplizéiert a sécher mateneen handeln an hir Aktivitéiten ofwëckele kënnen.

An enger ëmmer méi globaliséierter Welt brauch een also kloer Reegelen, déi e fait a kompetitiiv Wirtschaftsemfeld garantéieren. An dësem Fall spillen och eis bilateral Bezéiungen eng grouss Roll. Mëttels Konventionen verhënnere mir, dass eng Persoun oder eng Entreprise, déi an zwee Länner aktiv ass, zweemol fir déi selwecht Aktivitéit besteiert gëtt.

Mam Vereenegte Kinnekräich hu mir schonn eng Konvention aus dem Joer 1967. Dës Konvention gouf schonn dräimol ugepasst, dat fir d'leschte Keier 2009. Duerch hiren Austrëtt aus der EU a well déi international OECD-Standarden evoluéiert hunn, huet awer eng nei Konvention missen ausgeschafft ginn, déi also d'Konvention vun 1967 ersetzt.

De Gesetzesprojet 8160, deen de 24. Februar deposéiert gouf, gesäit vir, dës nei Konvention an hire Protokoll vum 7. Juni zejoert unzuhuelen, dat fir déi bilateral wirtschaftlech Bezéiunge mam Vereenegte Kinnekräich ze encadréieren.

Wat heescht dat elo konkret? De Brexit huet derzou geféiert, dass EU-Richtlinnen zu Dividenden, Zënse a Redevancen net méi applikabel sinn. Doriwwereraus

kéint eng ze héich Retenue à la source entsto. Dat kéint de wirtschaftleche Bezéiungen tëschent Lëtzebuerg an dem Vereenegte Kinnekräich schueden. Eng nei Konventioun ass also wichtig, fir déi bilateral Wirtschaftsbeziéunge weider ze férdere.

Esou wéi Lëtzebuerg ass dat Vereenegt Kinnekräich säit 2018 och Deel vun de Länner, déi den MLI ëmsetzen, soudass d'Konventioun BEPS-konform ass.

A mengem schrëftleche Rapport hunn ech preziséiert, dass d'Konventioun net déi bestoend europäesch Reegelen, déi am Kader vum Brexit ugeholl goufen, ersetzt. Hei geet et ëm den Handels- a Kooperatiounsaccord tëschent EU a UK. An deem Accord ass och e Protokoll betreffend d'TVA matabegräff. An dëse Protokoll reegelt exklusiv déi administrativ Kooperatioun betreffend d'TVA an déi géigesäiteg Ënnerstëtzung betreffend de Recouvrement vun TVA-, Accisen- an Douanessolden.

D'Artikelen 25 a 26 vun der Konventioun kënnen also net esou interpretéiert ginn, wéi wann déi zwee Staaten Informatiounen an deem Beräich via Konventioun austausche kéinten oder déi elo just opgezielten Akten ausübe kéinten.

Schlussendlech hunn d'Auteure vum Gesetzesprojet an hirem Exposé des motifs erkläert, dass Kompromisser onëmgänglech waren, mee dass d'Konventioun, wéi se haut virliit, de Spezifitéit vum den zwee Vertragspartner gerecht gëtt.

D'Kommissioun krut zwee Avisen zu dësem Projet geschéckt. De Staatsrot huet zum Gesetzesprojet a sengem Avis vum 31. Mäerz keng Observatiounen gemaach. D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 3. Abrëll de Projet begréisst. Fir weider Detailler verweisen ech op déi respektiv Avisen an op mäi schrëftleche Rapport.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, ginn den Accord vun der DP-Fraktioun, ouni awer ze vergiessen, de Mataarbechter vum Ministère a vun der Fraktioun Merci ze soe fir hir Mataarbecht.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Rapporteur Guy Arendt.

An och hei ass den éischten ageschriwwene Riedner den honorabelen Här Laurent Mosar.

### Discussion générale

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President. Och hei e ganz grouse Merci un de Rapporteur Guy Arendt, deen eis och dee ganz wichtege Projet do op eng kloer an einfach Aart a Weis duergestallt huet. Ech kann och direkt dozou den Accord vu menger Fraktioun bréngen, wollt awer vläicht dervu profitéieren, fir, genauou wéi den Här Arendt dat och gemaach huet, op d'Wichtigkeet vun deene bilaterale Besteuerungsofkomme mat anere Länner opmierksam ze maachen.

A meng Fro un d'Finanzministesch ass eigentlech déi, wat iwwert dëse bilateralen Accord eraus nach vun aneren am Moment an der Pipeline ass. Wat fir eng kommen? Dat ass natierlech dann an der nächster Legislaturperiod, mee wat fir eng sinn an nächster Zukunft do nach virgesinn?

Dat gesot, wéi gesot, den Accord vu menger Fraktioun an ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur Guy Arendt fir säi schrëftlechen a säi mëndlechen Rapport. Mir stëmmen haut

iwwert dat Duebelbesteuerungsofkomme of mat dem Vereenegte Kinnekräich a mat Nordirland. Dat war och, kann ech mech erënneren, dat Theema, wat mer bei eiser Visitt zu London mam Chambersbureau quasi mat allen Interlocuteurs haten. Do war de Wunsch wierklech grouss, dass mer dat sollte séier maachen.

Ech si frou, dass dat eis konnt geléngen, an ech ginn dofir den Accord vun der LSAP.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An elo ass d'Wuert fir d'Madamm Joséé Lorsché.

**Mme Joséé Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun a soen dem Rapporteur Guy Arendt e grouse Merci fir seng ausféierlech Rapporten.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché. An elo ass et um Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, villmools merci. Och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Arendt. Et ass besonnesch wichteg, datt mer dat hei mam Vereenegte Kinnekräich ofschléissen. Dat Vereenegt Kinnekräich war ganz laang dat Land, dat Nopeschland vu Lëtzebuerg, wou jorelaang kee Minister higaangen ass. Et ass interessant, datt mer eigentlech d'bilateral Relatiounen mat dem Vereenegte Kinnekräich während laange Joren, wou se nach Member waren, vernetzt hunn.

Dat kënne mer eis haut wierklech net méi erlaben a kenger vun deene groussen Achse vun der Zesummenaarbecht. Dofir ass dat hei eng ganz gutt Initiativ. An et kann een d'Regierung nëmmen encouragéieren, eis Relatiounen mat dem Vereenegte Kinnekräich op all Niveau ze intensivéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Fernand Kartheiser. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Léink) | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säi Rapport. Mir kënnen dat hei leider net matstëmmen, well et allgemeng eng Course no ënnen an der Fiskalitéit iwwert d'Transfers de capitaux ass. Dat kënne mir als Léink net matdroen. Et deet mer leed.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzministesch Yuriko Backes.

### Prise de position du Gouvernement

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, dem honorabelen Deputéierte Guy Arendt e grouse Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Ech soen der Finanz- a Budgetkommissioun och e ganz grouse Merci fir déi séier an effizient Aarbecht, fir dass dëse Projet de loi och haut ka gestëmmt ginn.

Et ass gesot ginn, eis bilateral Relatiounen mat dem Vereenegte Kinnekräich bleiwe wichteg, eebe grad just och op wirtschaftlech Plang. Dofir ass et wichteg, fir eng modern Steierkonventioun ze hunn, déi all déi international Standarden enthält op där enger Säit an op där anerer Säit natierlech och dem neien Ëmfeld nom Brexit Rechnung dréit an och deene bestoenden europäesche Reegelen, déi am Kader vum Brexit ugeholl goufen, Rechnung dréit an déi natierlech och respektéiert.

Här President, vu dass et warscheinlech dee leschte Gesetzesprojet ass an dëser Legislaturperiod, wat

déi Steierkonventiounen ugeet, wollt ech Iech dann effektiv e kuerzen Iwwerbléck ginn a vun dëser Geleeënheet da profitéieren, fir Iech ze soen, dass mer elo am Total 93 Konventiounen ënnerschriwwen hunn. 85 dovunner sinn der en vigueur. Bei deenen anere leeft de Processus nach op där enger oder anerer Säit. Dovunner elo huet d'Chamber der fënnf approuvéiert an deem leschten annerhallwe Joer, wann een déi vun haut da géif matzielen. Derbäi kommen dann awer och nach déi Avenanten, déi Der gutt kennt, déi mer rezent mat Frankräich a mat der Belsch ënnerschriwwen hunn an och approuvéiert hunn. D'Avenante mat Däitschland an och d'Konventioun mam Cap Vert a mam Vietnam sinn och an dësem Zäitraum ënnerschriwwen ginn. D'Negotiationen mat der Côte d'Ivoire sinn nach en cours. Dat ass de Stand der Dinge ab haut. Dir gesitt, et ass gutt geschafft ginn.

An dofir wëll ech och vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir meng Mataarbechter am Finanzministère, mee natierlech och deene vun der Steierverwaltung e grouse Merci ze soe fir hir fläisseg Aarbecht an natierlech Iech, der Chamber, e grouse Merci fir déi exzellente Kollaboratioun. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8160. Den Text steet am Document parlementaire 8160<sup>3</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8160 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emilie Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaff, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Cécile Hemmen), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Joséé Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*M. Roy Reding.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.